

## WANDROUS

Redaktion: Cheffenekipp LBB  
Respo fir den Drock & Verschécken: LBB  
Exemplaires: 230  
E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)

## LIONS BLEUS

Infos générales: [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu)  
Location chalet: [location@lionsbleus.lu](mailto:location@lionsbleus.lu)  
Compte Groupe LBB:  
CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000



## FNEL RO-QUIZ ,WinterGames20'



**UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**

Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.



# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuert hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmere an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswëe ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lët déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.  
mat engem Ordre permanent\*  
vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme**

\*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue‘ zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freien MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

\*\*Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt villaicht méi liicht ze verkraaften ass  
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!  
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**



# WANDROUS PUBLICILÉIT



## Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? \*

Loscht op gudd Scoutsmaterial an op eng exellent Beroodung?  
DU hues eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Dann ass hei Adress fir dëch:  
**VIKING-ADVENTURES** zu Tréier!  
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS**  
kaafen beim  
**VIKING-ADVENTURES !**



\* DU kriss op ALL Artikel 10%  
Ermässeung,  
wanns DU déng gültig Lions Bleu  
Memberskaart firweisen kanns !!!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# LBB SCHAFF-WEEKEND



## UN ALL

### EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwehall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 14-15.03.2020 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lët belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:


Rendez-Vous: Den 14.März 2020 um ...8 Auer MAT Kaffi  
...9 Auer OUNI Kaffi

Schluss: Den 15.März 2020 um 16 Auer.  
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchst du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

### Unmeldung/Souche:

Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu)



Heimat mellen ech \_\_\_\_\_ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 14-15.März 2020 un & kommen Samstes op de Start:

um 8 mat Kaffi

um 9 ouni Kaffi

(WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: \_\_\_\_\_

# SORTIE ‚VITARIUM‘ | FIR D’BEAVER (BV)

## Moien léif Beaver,

DU wollt schon ëmmer wëssen vun wou eis Mëllech kënnt?  
Schon ëmmer mol wëssen wéi et hannert den Kulissen bei  
der Mëllechproduktion ausgesait? ..



All déi Froën an méi wärten op der Sortie  
beäntwert ginn, wann mir den Vitarium  
besichen ginn! Also mell dëch séier un!



- Rendez-Vous:** Samstes, den 21.03.20 um 09:30 beim Vitarium  
(Luxlait Association Agricole Am Seif, L-7759 Roost / Bissen, Luxembourg)
- Retour:** Samstes, den 21.03.20 um 16:00 nees um Parking beim Vitarium.
- Präiss:** **5 Euro** sinn op den Rdv matzebréngen !!!
- Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 29.02.2020 !!!
- Waat brauchts du:** klengen Rucksack mat opgefëlltem Bidon an **klengenPic-Nic** fir  
Mëttes, Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder, Motivatioun ...

Heimat erlaaben ech .....

méngem Beaver .....

den 21.03.2020 mat op d’Sortie ‚Vitarium‘ ze goën.

Ënnerschrëft .....





# FNEL EXPLO | FIR D'SCOUTEN (SG)

## --- SPACE - EXPLO ---

Léif Intergalaktesch-Astronauten, d'Scouts-Space-Agence (SSA) invitéiert Iech och dëst Joër häerzlechst op den Scouts-Space-Explo 2020. Dësen fënnt fir d'éischten kéier um Planéit Äerd, méi genee an der Uertschaft Déifferdeng --- Koordinaten: **5° 53' 31,6" E | 49° 31' 41,0"** --- statt.

**Wéini:** Samschdeg, den 21 März 2020

**Wou:** zu Déifferdeng

### Start & Schluss:

8:30 & 15:45 jeweils op der Gare de Luxembourg

### Präiss

**5€** /// op den Compte: Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)

mat der Mentioun: SPACE & Numm vum Astronaut

**Umeldung & Iwwerweisung** > bis 14.03.2020

**Material:** Pick-nick fir Mëttes, Bidon mat Waasser, K-way, eppes fir op de Kapp, Tiptop Uniform

...

### SPACE-Rees:

All Participant soll am Thema verkleet sinn!

Heizou kriss du awer nach Infos no!

**Lénks Patt, Ären Intergalaktéschen Comité vun der SSA**

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_

mëngem Scout/Guide dem \_\_\_\_\_

um FNEL SpaceExplo den 21. März 2020 matzegoën.

Datum & Ënnerschrëft: \_\_\_\_\_



# SORTIE ‚DéirenPark‘ | FIR D’BEAVER (BV)



**Du wëlls méi iwwert d’ Déierewelt wëssen?  
Wëssen waat fir Déieren hei am Land liewen an  
och waat fir Déieren ët op den Aanerem  
Platzen op der Welt gët?  
Déng Cheffen invitéieren dëch soumat fir mat  
zekommen an den Beetebuerger Park!  
Zesummen mat den Beaver vun den Panthères  
Noirs entdecken mir do Déierewelt.  
Mell dëch also séier un fir dass och DU  
matkommen kanns!**

**RENDEZ-VOUS:** 4.04.2020\_9h00  
**SCHLUSS:** 4.04.2020\_16h45  
jeweils op der Gare de Luxembourg

**PRÄISS:** **10€** sinn ze iwwerweisen op den Konto:  
LES LIONS BLEUS-BEAVER (BCEE IBAN LU91 0019  
4955 9097 0000) mat der Mentioun:  
OUSCHTERSORTIE + NUMM VUM KAND  
**SOUCHE:** oofzegin/le maan bis den 28.03.2020

**MATERIAL:** den foulard, de klengen rucksak mat engem gefëllten  
bidon, picknick fir mëttes (schmieren + uebst; keng kichelcher),  
max. 10 € taschengeld, dem wieder ugepassten kleeder an vill  
motivatioun :) :))



**HEIMAT** erlaaben ech .....  
**MÉNGEM BEAVER** ..... deel-  
zehuelen un der Ouschtersortie den 04.Abrëll 2020.  
**ENNERSCHRËFT** .....



## Ouschterweekend LX



Hudd dir scho vum Zwergeland héieren?  
Wëllt dir emol vir 2 Deeg laang liewen wéi een Zwerg?  
Hier Welt entdecken: de Bësch, d'Minnen, d'Handwierk  
an d'Zauberei?



Da mellt lech séier un a kommt ob eisen Ouschterweekend!

**Rendez-vous:** Samsdes, den 4. Abrëll 2020 um 8:30 an Tiptopper Uniform, Gare de Luxembourg  
**Retour:** Sonndes, den 5. Abrëll 2020 um 16:30 zu Réiser beim Home LGS 'Père René Leuck'  
(Adresse: 44, Grand-Rue L-3394 Roeser)

**Praïss:** **30 Euro**, ze iwerweisen bis den **28. März 2020** ob de Compte:  
Les Lions Bleus-Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)  
mat der Mentioun "Ouschterweekend 2020 + Numm vum Kand

**Souche:** ass och oofzeginn bis den 28. März 2020

**Daat brauchs du:** Schloofsaack, Carry mat, dem Wieder ugepasste Kleeder & Ersatzkleeder +  
waarm Jacket, gefülltenen Bidon, Täschelucht, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Wäschsachen, gudd  
Laun an Alles waat een nach sou ob engem Camp brauch!



*Heigh Ho...*

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ méngem Kand  
\_\_\_\_\_ vum 4.-5. Abrëll 2020 ob den Ouschterweekend  
am Zwergeland matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft \_\_\_\_\_



# Zauberweekend Scouten-Explore



!!! ABRAKADABRA, SIMSALABIM !!!

Aus dem Fräsch gët e Pränz!

Kanns DU och sou gudd zauberer oder wëlls et gärren léieren?

Dann komm schnell mat op eisen Weekend an DU gëss an NULL komma NIX zu engem Zauberer. Natierlech kanns DU och dëng eegen Zaubersaachen mathuelen an den aneren Scouten weisen waag' s DU drop huer.

Awer pass op !!! Prst Prst, dass du däin Zaubertrick net veroots ....



**Rendez-vous:** 4.Abrëll 20 um 8:30 Auer  
**Retour:** 5.Abrëll 20 um 16:00 Auer  
jeweils Gare de Luxembourg

**Praiss:** **25€**, Les Lions Bleus - Troupe  
(BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)  
Mentioun Zauber-WE20 + Numm  
vum Participant

**Unmeldung & Iwwerweisung** wgl spëidstens bis: 28.03.2020

**Material:** dem Wieder ungepasste Kleeder, Biergschong, Carrymat, Schloofsaack, Gamelle + Kichenduch, Wäschaachen, Pyjama & natiirlech eng super gudd Laun :  
**(OPGEPASST:** Mir schloofen am Zelt, also dobaussen !!!)

Heimat erlaaben ech ..... méngem  
Scout/Explorer ..... op den Zauber-Wecker  
vum 4.-5. Abrëll 2020 mat ze goën.

Datum & Ënnerschreft .....






*Moiien léif Beaver! Dir wollt schon ëmmer mol Ritter spillen an ee flotten Daach mat anneren Beaver aus anneren Gruppen verbréngen? Ma dann mell dëch elo séier un fir op den FNEL - BeaverFunday!*

**WÉINI :** 9. Mee 2020  
**RENDEZ VOUS:** 10 :00 Auer op der Gare Centrale  
**SCHLUSS:** 16:45 Auer Home LBB zu Bouneweg

**UMELDUNG:** Umeldung geet bis den 27. März 20  
**PRÄISS:** 10 €, sinn ze iwwerweisen  
mat der Mentioun "BFD + Numm  
vum Kand" op den Compte:  
Les Lions Bleus-Beaver  
(BCEE LU91 0019 4955 9097 0000)



**WAAT BRAUCH ECH:** Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder, Pique-Nique, opgefëllten Bidon an eng Verkleedung am Thema Méttelalter, ...

Heimat mellen ech ..... mäin Beaver

..... fir den BeaverFunday deen  
vun der FNEL organiséiert gët fir den 09. Mee 2020 un.

Ënnerschrëft .....





# SORTIE ‚Fliiger‘ | FIR D’WËLLEFCHER (LX)

Du bass een deen gären ënnerwee ass?  
An du rees gären mam Fliiger? Dann  
muss du mat eis op d’Fliigersortie goën!  
Mir ginn zesummen op den Findel, wou  
mir eng Visitt gemaach kréien mat engem  
Fliigerexpert. Mir kréien verschidden  
Fliigere vum baussen an bannen  
gewisen, gesinn wou den Pilot sëtzt, an  
wéi een e Fliiger flitt. An dohannen  
erwaarden eis nach aaner lwwer-  
raschungen...



>>> **Mëll dëch also séier béi déngem Chef un, wanns DU mat goën wëlls** <<<



**WÉINI:**

Samstes, den 9. Mee 2020 um 13:45 um Findel  
Aéroport (Route de Trèves, Aviation Générale Nationale,  
Porte 2, L-1110 Luxembourg-Findel)

**SCHLUSS:**

Samstes, den 9. Mee um 17:00 op der  
nämlecher Plaatz

**PRÄISS:**

**2 €**, sinn op den Rendez-vous matbréngen

**SOUCHE:**

Oofzeginn bei déngem Chef bis den 25. Abrëll 20

**WAAT muss ech mathuelen?**


Dem Wëllefchen séng 5 Saachen, een Bidon mat Waasser, dem  
Wieder ugepassten Kleeder & ...

**OPGEPASST !!!** Fir an de Findel eranzekommen, brauchen mir eng Kopie vun der  
Carte d’identité vun ärem Kand bis den 2. Mee 20 ! Ouni eng Kopie, kommen mir nët  
an den Findel eran.

Heimat erlaaben ech .....

méngem Wëllefchen .....  
den 9. Mee 2020 op d’ Fliigersortie matzagoën.

Datum & Ënnerschrëft .....





**Hallo Beaver!**  
**Bass Du motivéiert e flotten**  
**Weekend am Thema Shaun das**  
**Schaf ze verbréngen an méi**

**iwwer séng Welt, säin Liewen um Bauerenhaff a séng**  
**Frënn gewuer ze ginn ? Wann daat de Fall ass, dann**  
**mell dëch ganz ganz séier un, fir op eiser Rees mat him**  
**dobäi ze sinn !**


**Wéini:** 30-31. Mee 2020

**Retour:** SA um 9:00 & SO um 15:00  
jeweils op der Gare de Luxembourg

**Präis:** **25 €** ze iwwerweisen bis den 16.05.20  
op den Konto Les Lions Bleus-Beaver  
(BCEE IBAN Lu91 0019 4955 9097 0000)  
mat der Mentioun: PëngschtWE & Numm vum  
Kand.

**Souche:** oofzeginn bis den 16.05.2020

**Material:** Dem Wieder ugepasste Kleeder &  
Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Täschen-  
luucht, Gamelle & Kichenduch, Schloofsaack,  
Wäschaachen, Mutz & Schaal & Händschen,...



**Heimat erlaben ech** .....  
**méngem Beaver** ..... **deelzehuelen**  
**um PëngschtWeekend vum 30-31/05/20 an iwwer-**  
**weisen d'Suen & ginn d'Souche am Délai oof !**

**Datum & Ënnerschrëft:** .....



# CAMPING

Wéi baut een eng Konstruktioun? Wéi iwwerliewt een richtig an der Wildnis? Wéi genau ass et ouni Stroum? Daat wëlle mir mat DIR testen, an zwar um Paischtcamp! **Wëlls DU daat och?**

Op deen méi speziellen Camp matgoën an der Blooderen verdéngen vun den Aventuren? Ma dann ass daat hei genee daat Richtegt fir d'ech...

**Mell d'ech séier un!**

**Rendez-vous?**

**30.Mee 20** um 09h fir **Scouten an Explorer** op der Gare Centrale Luxembourg.

**30.Mee 20** um 14h fir d'**Wëllef** Gare de Luxemb

**Retour?**

**02.Juni 20** um 16h fir **Jiddereen** um Misärshaff

**Präiss?**

**50 €**, sinn ze iwwerweisen bis den **10.05.2020** op den Konto Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mention: PC & NummvumKand oofzeginn bis den 09.05.2020.

**Souche?**


**Material?**

Foulard, Schloofsaack & Carrymat, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Wäschaachen (1 Duch & Seef fir an Dusch), Gamelle & 2 Kichendicher, Nueschnappecher, Biergschong, Schwammsaachen, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, ...

Heimat erlaaben ech ..... méngem Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover, Tembo

..... deelzehuelen um Paischtcamp (30.05-02.06.2020)

Ennerschrëft: .....







**LIONS BLEUS** **LÉIWE - FEST**  
**goes**

# Hütten-Gaudi

am **JULI**

**SAMSTES**  
**4**

**HÜTTE** ‚Zum Blauen Löwen‘

61, rue de Pulvermühl L-2356 Luxembourg

**START** ab 18h30

**MORE NEWS** an der nächster Wandrous

**Save the Date**

4.07.2020

*\*mit Bettenlager und Plums klo*

# CORSU 2020

31.Juli 2020 - 23.August 2020

**24 blo Léiwen sinn dësen Summer fir 3 Wochen ënnerwee**

## CREW:

Shaheen, Clara, Raquel, Lea, Mylo, Pit, Patrick, Lio, Emma, Liana, Felix, Nicolas P.,

## STAFF:

Cédric, Raphaël, Harry, Adrien, Max, Grizzly, Paco, Tameng, Soa, Tahr, Maki,  
Tamia & Yuma ...



## PRÄISS

Acompte 1+2 :

**1'100 €**

200€ / 200€ woren bis den 1.12.19 / 01.02.20

**Acompte 3:**

**200€**, sinn bis den 1.Abrëll 2020

**Acompte 4:**

**200€**, bis den 1.Mee 2020

**Acompte 5:**

**300€**, bis den 1.Juni 2020

**Paacksaack:**

**30€**

ze iwerweisen op den Compte:

Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)



## PAACKSAACK:

Dësen ersetzt ären groussen Rucksack, an Jiddereen brauch een.  
Falls DU nach keen sou een hues kanns de der lo een per Souche  
bestellen. Den Präiss léit bei 30€. Mir maachen hei eng global  
Bestellung fir d'Paacksäck.

## CAMP T-SHIRT CORSU

Jiddereen kritt iwver de CampBudget 2 T-shirt'en.

Fir dat mir dës kënnen bestellen brauchen mir d'eng Gréisst.

Fëll also Souche wgl aus an géff s'ë oof / oder maach e mail op  
[corసు2020@lionsbleus.lu](mailto:corసు2020@lionsbleus.lu) bis spëidstens den 1.Mee 2020!



**DU hues nach eng Fro? Dann stell s'ë op: [corసు2020@lionsbleus.lu](mailto:corసు2020@lionsbleus.lu)**

**Den motivëierten CORSU-CAMP-STAFF**

:) :) :)

## SOUCHE fir dain PAACKSAACK

Ech ..... bestellen gären heimat een  
Paack-saack (30€) fir mat an d'Corse ze huelen.

## SOUCHE fir méng CORSU CAMP T-SHIRT'en

Ech ..... bestellen mir gären 2 Corsu  
Camp T-shirt'en an folgender Gréisst:

Dammen      ○ S    ○ M    ○ L    ○ XL

Männer      ○ S    ○ M    ○ L    ○ XL

Ënnerschrëft vum Responsablen: .....  
**an ginn méng Souche am Delai vum 1. Mee 2020 oof !!!**



## PROGRAMM BEAVER

07.03.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
14.03.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
21.03.2020		SORTIE
28.03.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
04.04.2020		OUSCHTERSORTIE mat den PN
25.04.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
02.05.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
09.05.2020		FNEL BeaverFunDay
16.05.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
23.05.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
30-31/ 05/ 2020		PËNGSCHTWEKEND
13.06.2020		SORTIE
20.06.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
22.06.2020		FAACKELZUCH & LB GRILLSTAND
27.06.2020	14:00 - 16:00	Beaverversammlung
04.07.2020		LÉIWEFEST
12.07.2020		FNEL Pow -Wow

## PROGRAMM WËLLEFCHER

07.03.2020		SORTIE
14.03.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
21.03.2020		keng Versammlung !
29.03.2020		FNEL SixerDaag
04-05/ 04/ 2020		OUSCHTERWEEKEND
25.04.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
02.05.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
09.05.2020		SORTIE
16.05.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
23.05.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
30/ 05-02/ 06/ 2020		PËNGSCHTCAMP
13.06.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
20.06.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
22.06.2020		FAACKELZUCH & LB GRILLSTAND
27.06.2020	14:00 - 16:00	Versammlung
04.07.2020		LÉIWEFEST
12.07.2020		FNEL Pow -Wow



## PROGRAMM SCOUTEN

07.03.2020	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
14.03.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
21.03.2020		FNEL EXPLO zu Déifferdeng
28.03.2020	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
04-05/ 04/ 2020		OUSCHTERWEEKEND
25.04.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
02.05.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
09.05.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
09-10/ 05/ 2020		FNEL CP Weekend
16.05.2020	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
23.05.2020		B.A. - SORTIE
30/ 05-02/ 06/ 2020		PËNSCHTCAMP
13.06.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
20.06.2020	14:00 - 16:00	Patrullenversammlung
22.06.2020		FAACKELZUCH & LB GRILLSTAND
27.06.2020	14:00 - 16:00	Truppenversammlung
04.07.2020		LÉIWEFEST

## PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

07.03.2020		RovEx Meeting & FNEL RO Keelen
14- 15/ 03/ 2020		LB SCHAFFWEEKEND
21.03.2020		RovEx Meeting
28.03.2020		RovEx Meeting
04-05/ 04/ 2020		OUSCHTERWEEKEND mat den SG
25.04.2020		RovEx Meeting
03.05.2020		FNEL ROVER in the CITY
09.05.2020		RovEx Meeting
16.05.2020		RovEx Meeting
23.05.2020		RovEx Meeting
30/ 05-02/ 06/ 2020		PËNSCHTCAMP
13.06.2020		RovEx Meeting
20.06.2020		RovEx Meeting
22.06.2020		FAACKELZUCH & LB GRILLSTAND
27.06.2020		RovEx Meeting (Prépa LF)
28.06.2020		FNEL RO BeachVolley
04.07.2020		LÉIWEFEST

## RAPPORT Sortie | SCOUTEN (SG)



De Scouts Grupp huet sech den 14 Dezember 2019 op Survival Sortie vum ‚Grylls Bear‘ getraut. Zu Siewenbour hunn mer missten als aller éischt e Feier umaachen. Daat war nët esou einfach, well d'Plaatz war naass, ët war immens vill Wand an mir haaten wéineg klengt Holz fir d'Feier unzufänken. Währenddeems huet eng aner kleng Grupp een Ennerdaach fir eist Material gebaut.

Dono hunn mer all zesummen eng Iwwerliewenshütt aus Naturmaterial gebaut. Dofir hunn mir passend Holz an Holzstämm gesammelt. Een Gerüst hun mir opgeriicht an dono mat vill Matsch a Farn bedeckt. Just esou waren mir och wierklech virum Reen a Wand geschützt. Daat huet vill Spaass gemaach an mir waren voll mat Bulli beschmiert.

Eist Mëttegiessen (Gromperen mat Speck a Curry) hunn mir um Feier gekacht.

Dës Sortie war wierklech eng Survival Aktivitéit, well am Dezember ass ët richteg kaal an mir hunn just Naturmaterial benotzt.

**Nora Diderich**






## HOLLYWOOD-WEEKEND 21-22.12.2019

21.12

Als alleréischt hunn mer eis um 9 Auer ob der Gare getraff. Vun do aus hunn mer eis dann op den Wee gemaach fir d'Tinkerbell ze retten andeems mer all geléisten Aufgaab oder Spill een Deel vun enger Kaart kréien. Nom Trajet hunn mer dann mega lecker Spaghetti Bolognese giess awer ouni Fleesch well mer dat vergiess haaten. Nom lessen hunn mer eis dann am Dortoir installéiert an duerno hunn mer eng kleng Sortie an den Bësch gemaach wou d'Kanner d'Natur besser kennen geléiert hunn. Duerno hunn mer mega gudd Muffins gemaach, mee do war leider fir d'Kanner ze vill Schockela dran. Duerno hunn mer d'Schatzkaart zesummen gefüügt an sinn ob d'Sich gaangen. Wou mir um Ziel ukoumen hunn mer dann eng Schatzkëscht fonnt an een Bild mam Tinkerbell drop. D'Kanner kruuten och ob der Plaatz hieren Foulard. Nom Oweessiessen wou et Fëschstäbercher mat Püree an Geméis gouf, hunn mer dann een Bléck an d'Welt vum Peter Pan geworf. Duerno waren mer Zänn wäschen an et ass an d'Bett gaangen. Moies fréi goufen et Kellok's an mir hunn Frühsport gemaach. Direkt nom Frühsport hunn mir dann eis Saachen gepaack an sinn weider gaangen.

DANIE / GriGri



22.12

Nodeems d'Beaver färdeg Moiesiessen hunn, sinn Sie dobaussen kleng Spiller spillen gaangen befier mir ons dann op den Wee fir an d'FNEL's Home gemaach hunn. Fir an d'FNEL's Home hunn mir dann missten zwee Busser huelen. Wou mir ukomm sinn hunn mir dann mat verschidden Spiller ugefaangen. No den Spiller hunn mir lecker Campingsnuddelen giess. Duerno hunn mir een klengen Piste-Post iwwert d'Grondstéck vum FNEL's Home gemaach. No deem Ganzen hunn mir eng kleng Kollatioun gemaach an duerno nach 2 verschidden Saachen gebastelt. Zum Schluss hunn mir eis all an een Krees gesaat an hunn dann witzeg kleng Geschichten virigelies. Um 18 Auer sinn d'Elteren dann komm fir d'Beaver rëm mat Heem ze huelen.



LIANA





# RAPPORT Kräschtcamp | WËLLEFCHER (LX)

## Kreschtcamp LX 27.-29. Dezember 2019 am Weltall



De 27. Dezember 2019 huet ons Meute sech um 14.00 op der Gare Centrale getraff. Do sin d'Wëllef vun 2 außeriirdesche Gestalten empfaange gin, déi verzweifelt an ob Hëllef ugewise woren, well hiert Raumscheff bai enger Brochlandung an dausende Stécker am ganze Weltraum verdeelt gouf. Duerch hier super-Intelligenz-Antennen, sin sie gewuer gin dat zu Suessem e Raumscheff samt Kapitän a Kach géing wuarden, a just nach eng Crew braicht. Dorops hin huet S.A. & Shiba d'Meute vun de Lions Bleus gefroot, ob sie bereet wieren, mat hinnen dohinner ze fueren an hinnen ze hëllef. Dëst hunn d'Wëllef natierlech gären ugeholl.

Géint 15:00 ass dann déi ganz Crew zu Suessem ukomm an huet dem S.A. an dem Shiba fir éischt emol puer vun hieere Ritualer, esou zum Beispill de Great Howl gewisen. Duerno kruuten d'Wëllef eng Raumschëffféierung a konnten hier Kajüten ariichten. De Kapitän wor ganz frou iwwert séng nei Crew, an vir den Zesammenhalt ze stärken, huet hien sie op e Siggispill iwwert de Laf vum Camp invitéiert. D'S.A. an d'Shiba hun der Crew matgedeelt, dat sie sech un die éischt puer Zuelen vun de Koordinaten vun hierem Heemechtsplanéit erënneren kinnten. Dorops hin ass d'Raumschëff och scho vir d'éischte kéier gestart, an no engem relaxe Fluch ob engem neie Planéit geland.

Hei gouf et vill ze gesinn (méi doriwwer gidd dir an de Logbicher gewuer). Ob dësem Planéit, goufen dunn zesumme Kürbisen, déi mir dobausse fonnt hun ausgehielecht a mat Stäreschnuppen a Planéite verschéinert. Géint 17:00 huet de Kapitän d'Wëllef dann ob d'Prouf gestallt an sie missten sech a verschiddensten Weltraumchallengen als gudd Crew beweisen. Ennert aanerem, hun eis Memberen Botter aus der Mëllech vu rosa, bloen a grénge Kéi gezaubert! Wéi dëst gepackt wor, haat de Kach dann och schon eng wonnerbar Gromperenzalat mat Wippecher gezaubert.

All Crewmember huet sech duerno e bësse Spaass verdingt an konnt sech bei engem Weltraumméissegen Nuetsspill sou richtig austoben. Iwwerdeems, hun déi zwee Außeriirdech och e weideren Deel vun hieere Koordinaten erëmfonnt, mais jiddferen wor ze midd vir weiderzefléien. Um halwer 10 Oues, hu mir ons dann prett gemaach vir an d'Bett an sin mat engem Lidd ageschloof.

.....



# RAPPORT Krëschtcamp | WËLLEFCHER (LX)

Den 28. Dezember si mir dunn Alleguerten um 8:15 opgestaan an hunn Kaffi gedronk. No der Spull huet de Kapitän d'Maschinn erëm gestart a mir sinn ob den nächste Planéit geflunn. Do hu mir tatsächlech Zaitkapselen vun der Meute vun 2015 fonnt! Deemols wor déi och hei geland an huet sou munch Botschaften a Basteleien hannerlooss. Außerdeem, wor och hei erëm ee weideren Deel vun de Koordinaten derbai. Natierlech wollt d'Crew awer och eppes vun s'ch hannerloossen, an esou hunn mir dann eis eegen Zaitkapselen gebastelt. Voller Eifer, sinn mer du weidergeflunn... Mee do ass de Misär geschitt! Eng Brochlandung!! Mangels Knox - dem Treibstoff vun eisem Raumschëff - huet de Kapitän missen Noutlanden ob engem onbekannte Planéit. Dem S.A. an dem Shiba séng Antennen hunn d'Informatioun empfaangen, dass d'Loft dohausse feindlech vir Ärdbewunner ass. Gott sei Dank gouf et awer e Mëttel vir kënnen op mannst eng Zait laang dobaussen ze iwweerliewen - schließlech hunn mir eis missten op d'Sich no Knox maachen, vir kënnen weiderzefléien! Eise super Kach haat aus enger Art Supergeméis eng lecker Zopp gekacht, déi et erméiglecht 3 Stonnen déi feindlech Atmosphär ze betrieden. Dobai gouf et nach Pangëcher aus de Reschter vun der fuerwecher Mëllech vum läschte Planéit. No dëser Stärkung, hunn mir eis viirsichteg ob d'Sich gemaach no Knox. D'S.A. ass a sénger Verzweiflung scho viraus gaangen. Mat Hëllef vum Shiba séngen Antennen, hunn mir de Wee fonnt, deen eis bei Quelle vun Knox gefouert huet. Ennerwee si mir ob 3 Wiechter getraff, déi ganz speziell ausgesin hunn. Sie hunn s'ch als Awunner vum Planéit viirgestallt, an hunn eis ob d'Prouf gestallt, vir un den



Knox ze kommen. Mir hunn zum Beispill missten duerch d'Netz vun dénger Riisespann, awer och eist geigensaitegt Vertraue missen ënner Beweis stellen. Well sie ganz fein woren, hunn mir - nodeems mer genuch Knox haaten vir weiderzefléien - nach ob en Téi invitéiert.

Wéi et dunn ugefaangen huet daischter ze ginn, hunn d'Wiechter s'ch ob de Wee gemaach, an d'Crew huet s'ch e bëssen zeréckgelehnt vir ee leschten, flotten Owend mam S.A. an Shiba ze verbréngen. Dofir hunn d'Wëllef Sketcher a verschiddene Weltraumthemen afaalen gelooss a geübt. Dunn huet jiddfereen zesammen geschnippelt, vir dat mir Owes eng wonnerbar Ratatouille mat Couscous um Dësch stoen konnten hunn. Nom lessen, huet dunn all Sizaine sai Sketch gewisen, a mir hunn nach eng Ronn Tabu, esou wéi eng Ronn Pantomime gespilt. Als Oofschloss, hunn mir am Pyjama nach ee kuerze Film gekuckt a sin dunn um 22:00 erëm mat engem Lidd ageschlof. Mueres den 29. Dezember sinn mir wéi gewinnt um 8:15 mat Schmieren an e puer Pangëscher an den Daach gestart. Du si mer och direkt erëm an d'Raumschëff geklommen, schließlech hun S.A. an Shiba schon fuerchtbar no hierer Famill verlaangert. Endlech ob hierem Planéit ukomm, gouf nach ee Gänsespill gemaach, iert eis 2 nei Alien-Frëndinnen eis du verlooss hunn. Mëttes haat eise Kach eng lecker Lasagne vir ons preparéiert, mat Spinat an Tomatenzooss. Duerno si mer eng läschte kéier an de Cockpit gaangen, an hunn d'Ärd erëm ugesteiert. Als Oofschloss gouf d'Siggispill nach obgeklärt an an engem Meckercaré konnt all Mënsch sai Pefferkär zum Camp erzielen. Glécklech an zefridden woren dunn no der Chaine des Adieux och schon d'Elteren prett, vir hier tough Weltraumentdecker erëm mat Heem zehuelen. **Kaa**





# RAPPORT Kräschtcamp | SCOUTEN (SG)

Den 2. Januar hunn sech eng 15 Scouten moies frei op der Gare Zentrale getraff. Sie hunn dann den Zuch geholl fir bis op Ettelbréck ze fueren. Bis 17h00 sinn Sie duerch den Éislek getrëppelt, wou Sie dann schlussendlech zu Ierpeldéng ukomm sinn. Do hunn Sie als alleréischt de Jeff aus Spiounen missten befreien, deen do gefesselt war. Hien huet hinnen erzielt dat hien vun 3 maskéierten Léit gefesselt gouf an d'Scouten sollten hien beschützen. Fir d'ëst kënnen ze maachen wärt den Jeff an d'Cheffen Sie zu Spiounen ausbilden. Nom Oweslessen konnten Kanner hier theoretéisch Kenntnissener testen bei engem Escape-Game an engem Assortiment vun Brietspiller...Deen 2. Daag ass et mat der Geheimagenten Formatioun wieder gaangen, duerch eng Mëschung aus Scouts-Techniken an d'Spioun Trickser hunn d'Scouten hier Kenntnissener an Felder wéi Kommunikatioun iwwert gréisser Distanzen, Verschlësslung vun Messages, Kniet & Iwwerliewenskenntnissener verbessert. All daat theoretéisch Wëssen hunn Sie dann och während engem Strategospill an engem Quiz testen kënnen. Nom Owes lessen hunn mir een Nuetspill gemaach wou Scouten an Ekippen agedeelt goufen an der aanerer Ekipp hieren CODE entzifferen missten. Den letzten Daag war zimlech schnell eriwwer gaangen, Scouten hunn do rausfonnt dass den Jeff am fong een béisen Spioun ass an säin Ziel ass et d'Häz vun Lëtzebuerg ze klauen. D'Cheffen awer sinn d'Agenten vun Isrik an hunn den Jeff rechtzäiteg entlarvt an mat an den Prisong geholl. Dunn no enger Chaine de Adieux hunn sech d'Scouten op den Wee gemaach fir bis op Ettelbrécker Gare, wou Sie den Zuch geholl an all houfreg heem gaangen sinn. **Harry**

**TOP SECRET**



Donneschdes Moien um 9 Auer hunn mir eis op der Gare getraff. D'Cheffen hunn eis eng Packung Eer ginn an hunn eis op den Trajet geschéckt. Mir missten mindestens een Ee gekacht an den Home matbréngen. Wéi mir déi kachen sollten war eis iwwerloss...Wou mir dunn an dem Home ukomm sinn, hunn mir een gefesselten Mann gesinn. Et war den Jeff. Hien huet eis erzielt, dass et den ISRIK war an dass den ISRIK hien sicht. Dunn sinn d'Cheffen komm an mir hunn eis am Dortoir installéiert. Mir hunn dunn 2 Gruppen gemaach. Eng huet Kniet geübt an die aaner huet een EXIT Spill ungefangen. Leider sinn mir nët färdeg ginn an mir missten iessen, no dem lessen goufen mir dann direkt an d'Bett geschéckt. Wou mir all am Bett waren sinn den Harry an den Jeff nach eng kéier erop komm an sooten mir sollen nach eng kéier mat eroof kommen. Den Jeff haat erzielt hien haat sech

## RAPPORT Krëschtcamp | SCOUTEN (SG)

wéinst der Zäitëmstellung geiert an sie hätten nach eng Aktivitéit fir eis. Mir kruuten dann nach Chips an hunn Gesellschaftsspiller gespillt. Dono goufen mir awer wiirklich an d'Bett geschéckt. Den nexten Daag hunn mir Moies op verschiddenen Posten Aktivitéiten gemaach. Um 1. Posten hunn mir Feier gemaach, um 2. Posten hunn mir mat Walki-Talki Verstopjes gespillt an hunn mat Luuchten MorseZeechen gemaach. Um 3. Posten hunn mir erëm Kniet geübt an um letzten Posten hunn mir d'Kaart geliess. Mëttes hunn mir dann een Mini Trajet gemaach fir dono Stratego ze spillen. Mir sinn dann no ongeféier enger Stonn erëm an den Home zeréck gaangen. Mir waren dann e bësschen an eisem Dortoir an hunn dunn eng Këssenschlacht gemaach. No der Këssenschlacht hunn mir een Quiz gemaach. Owe no dem lessen hunn mir dann nach een Nuetspill gemaach. Eng Ekipp haat Buchstaawen an Zuelen op séngem Baak stoën an déi aaner Ekipp huet probéiert d'Wuert rauszefannen. An nach dobai huet een probéiert Chip'en riwwer op die aaner Basis ze bréngen. Den leschten Daag konnten mir besselchen méi laang schloofen wéi soss ëmmer an missten alles anpaacken an botzen. Mëttes hunn mir dann d'Chaine des Adieux gemaach an den Jeff huet eis d'Härz vun Lëtzebuerg gewisen daat hien anscheinend gerett huet. Awer dann hunn déi aaner Cheffen hien festgeholl an an den Auto gedréckt an hunn eis nach Saachen iwwert den ISRIK erklärt, dass hien eigentlech en béisen ass, an an...Dunn hunn mir eis op den Wee op d'Ettelbrécker Gare gemaach fir den Zuch ërem zeréck op Lëtzbuerger d'Gare ze huelen do wou och schon eisen Rendez-Vous war. Lues an lues sinn eis Elteren eis dann sichenkomm. An de Krëschtcamp war färdeg. **Manon**



**TOP SECRET**



## RAPPORT Techuana | ab SCOUTEN (SG/EX/RO)

### FREIDES & SAMSTES

Es hat Freitag's um 18 :30 Uhr angefangen bei dem Home LBB. Wir waren im Ganzen 13 Leute. Als wir komplett waren, begannen wir mit Sachen räumen und laden wie z.B. Kisten, Koffer, Skimaterial, Picknick... Dann sind 3 Leute das Abendessen vorberieten gegangen. Wo die andern etwas gemacht haben wie Tische aufstellen und decken...andere 3 Leute haben unser Chargen-Tableau gebastelt. Etwa in der Mitte der Zeit war das Essen beriet, es gab Nudelgratin und somit aßen wir. Nach dem Essen gingen wir nach kurzen Erklärungen zum morgigen Ablauf schlafen, weil wir am anderen Tag schon sehr früh (5 Uhr) aufstehen mussten um loszufahren.

Das Licht im Schlafsaal ging um 5 Uhr an und wir mussten aufstehen. Wo wir fertig waren haben wir das kleinere Material in den Minibus geladen und sind knapp vor 6 Uhr losgefahren. Wir waren ungefähr 13 Stunden unterwegs für die Strecke nach Techuana, und haben mehrere Pausen eingelegt. Die erste Pause war bei einem Bauernhof wo wir zu morgen gegessen haben, die 2. Pause war bei einem Flugzeugmuseum in der Nähe von München, wo wir zu Mittag gegessen haben. Unterwegs haben wir noch 2 Pausen gemacht, wo ich nicht genau weiß wo genau : Wo wir endlich angekommen waren, war es schon dunkel. Wir sprachen nicht so viel, weil wir möglichst schnell unsere Basisinstallation machen und essen wollten. So gaben wir nach den zu Hause über unsere Ankunft Bescheid, erledigten was zu erledigen war und aßen zu Abend sobald dieses fertig war. Nach dem Essen wurde noch gespült und schon ging es ab ins Bett....**LEA**

### SONNDES

Mir sinn fréi moies um 8:00 Auer opgestaan, d'Sonn huet schon geschéngt an mir hunn dann den Program vum Daag am Carré beschwaat. Duerno hunn mir lecker Schmieren giess an eisen Kaffi gedronk. Nom Moiesiessen hunn mir dann d'Chargen gemaach déi schon gemaach konnten ginn an hunn dann direkt duerno ugefaangen mat schaffen fir dass den Recht vun der Woch ouni Problem laafen géing. Eis Aufgaben waren dann d'Holz ze hacken soudass eis an der Woch nët kaal géing



ginn. Déi aner wichteg Aufgab déi mir maachen missten ass den Schlauch ze leen fir dass mir iwwerhaupt fléissend Waasser zur Verfügung haaten. Nodeems mir déi Saachen aus dem Wee haaten, hunn mir dann endlech zu Mettes giess. Als Mettesessen haaten mir lecker Kniddelen mat Äppelkompott an als Beilaag gouf et nach eng gréng Zaloot. Wéi üblech hunn mir dann eis Chargen gemaach an vue-que dass mir eis Aufgaben schnell erfëllt hunn an et ganz schéin Wieder wor, sinn mir een klengen Treppeltuer am Gebidd vun Techuana getrëppelt. Op dem Trëppeltuer kruuten mir méi een Abléck op wéi et op den Internationalen Techuana Campen war. Nom Trëppeltuer haaten mir e bëssen Temps-libre wou mir eis e bëssen entspaanen konnten. Am Nomëtteg woren mir nach an Thermen op Villach wou mer vun der Schwämm/Sauna profitéieren konnten. Wou mer zeréck am Home woren, gouf et Zait fir Owesessen waat eng Geméiszopp mat engem Wupp war. Dann hunn mir wéi ëmmer, erëm d'Chargen an eisen respektiven Patrullen gemaach an duerno konnt een dann entweder schon an d'Bett goën wann een wollt an wann nët ass een am lessenssall bliwwen an huet sëch mat Spiller an Geschwätz beschäftegt. **LIANA**



## MÉINDES

Wéi mir um 7h00 opgestaanen sinn, hu mir eis als èischt prett gemaach fir op d'Pisten. Nom Carré, Moieslessen hun déi vun der jeweileger Charge de Minibus gelueden mat den Skier, Material an der lesskëscht. Nodeems mir de Parking vun Gerlitz en ereecht hun, gouffen dèi 2 nei Ufänger an Gruppen opgedeelt wou dann den Justin & Liana hinnen gewisen hun wéi een am Ski débutéiert. No enger laanger Ski-Session moies hu mir dann Mëttes Schmieren gemaach an Nomëttes sinn mer wieder gefuer. Zum Enn vum Nomëtteg wollten mir eis zesummen mat der aanererEkipp an enger Hütt treffen, mee daat war eis dann aus zaitlechn Grënn an liichten Orientationsproblemer nët mèi gelongen (mir haaten se verpasst). Owes dann hu mir dann giess an sinn zimlech direkt no eisen Chargen an d'Bett gaangen. **MICHEL**

## DËNSCHDES

Dënsten moies sinn mir um 7 Auer op gestaan an dann haaten mir 30 Minuten fir eis prett ze maachen vir den Carré. Am Carré kruuten mir erklärt wou mir haut géifen hinfueren an daat war d'Turracher, eist Liiblings Skigebiet. Mir hunn dann schnell zu Moies geiess an Chargen gemaach an géint 11 waren mir dann prett fir den Biereg. Mir waren alleguer frou well et zu Turrach riichtegen Schnéi gouf, nët wéi zu Gerlitz. No dem ganzen Ski Gefuers, sinn mir dono um Réckwee direkt an d'Piscine zu Bad Kleinkirchheim gefuer, wou mir dann no baal 2 Stonnen eis nees dobaussen getraff hun fir heem an Techuana ze fueren. Owes hunn mir gudd geiess an schnell Chargen gemaach an dann sinn déi meescht schloofen gaangen. **PATRICK**



**MËTTWOCHS** sinn mir wèi ëmmer um 7 Auer opgestaanen an hun eis schon fir op Pist fiirbereed an hun Schmieren giess. Mir sinn deen Daag nach 1x op Gerlitz gefuer, well d'Wieder schlecht war an mer dèi Pisten schon kannt hun. Wèi mer dann zu Gerlitz ukoumen, hun mer eis zimlech schnell färdeg gemaach an konnte lassfueren. Gèint 4 Auer hun mer eis dann op enger Hütt getraff mat der aanerer Ekip an hun eppes zesummen gedronk / eppes klenges giess. Dono sinn mer eroof bei den Auto gefuer an sinn zerèck an Techuana gefuer wou mer virum lessen nach puer Spiller gespilt hun. D'Kéisfondue war färdeg an mir hun eis zesummen ëm d'Fonduesdëppen gesaat an hun ugefaangen mat iessen. Dono woren mir wèi baal all owend zimlech midd vum Ski fueren, sinn nach schnell Spull/Chargen maachen gaang an sinn schloofen gaangen. **MYLO**

**DONNESCHDES** Mir sinn um 7 Auer waakresch gemaach ginn, an hun all Müsli/Cornflakes & Landliebe giess. Dun hun mir eis alles prett gemaach fir Ski fueren ze goen. Mir sinn nämlech op de Katschberg gefuer, och nach Katschi gennant. Moies um Katschberg sinn de Patrick, Mylo, Lio, Michel, Liana & ech schnell gefuer (ouni eis Unfänger), mir sinn awer dofir leider bëssen ze spéit fir Mëtteslessen komm. Mëttes sinn mir dann mam Léa an dem Raphael mèi gemiddlech gefuer. Wéi all Daag um 4 Auer hun de Raphael & ech eis e Kaiserschmarrn gedeelt an natierlech mat den aaneren vun den aaneren Hütten verglach. Mir konnten mat vollem Stolz soën dass daat deen Beschten war wou mär haaten (keng Korinthen). Nët express ass enger Kellnerin e Béier aus der Hand gefall an ët ass Alles op de Raphael gaangen, waat ech zimlech witzeg fonnt hun: Wou mir deen Katschi-Express wollten huelen hun mer raus fonnt das deen letzten Bus schon um halwer 5 gefuer ass. Also missten mir mat eisen Ski'er bis op de Parking N°6 trëppelen. No deem flotten Daag sinn mir all nach op Villach an Schwämm/Sauna gaangen. Verschidden Lët vun eis sinn just schwammen gaangen währendeems de Recht an Sauna gaangen ass. Den Aufguss war zimlech gut, mir haaten Apfel, Clementine, Mirabelle an Maracua als Doft, daat wor ganz interessant. Um 20:15 koumen mir all aus der Schwämm an sinn zerèck an Techuana gefuer. Wou mir zerèck waren hun mir nach gesongen an dun giess. Et goufen Rouladen an fir eis Vegetarier gouf ët Veggie Schnitzel mat Gromperen & Bounen. Dunn sinn d'Chargen nach gemaach ginn an mir sinn an Dortoiren gaangen. Ech hun nach e Buch geliess, no 5 Min waren mir och schon all um Schloofen. **EMMA**





**FREIDES** sinn mir wéi all moien um 7 Auer opgestaanen. Am carré sinn mir dann gewuer ginn dat mir eisen leschten Daag op der Piste op der Turracher Höhe wärten verbréngen. Nodeems mir all gudd gefrühstückt haaten, hun mir eis op de Wee gemaach. Nodeems mir moies gudd gefuer sinn, hun mir eis op der Hütt getraff an hun eng kéier gudd vum leckeren lessen hei profitéiert. Wéinst engem klengen Zwëschefall sinn mir dann dono och schon direkt zeréck an den Home gefuer. Hei haaten mir lo méi Zait an manner Stress fir Alles schon ze raumen & ze paacken. Owes hun mir dann nach eng gudd Spaghetti giess, puer Spiller gespillt, mee sinn dun awer och gleich schloofen gaangen, well mer moies fir den Retour nees fréi opstoën missten. **LIO**

**SAMSTES** géint 5 Auer sinn mir opgestaanen an hun nach den leeschten Deel vum Material prett gema an gelueden. Dunn hu mir na fir den Techuana richtig oofzeschléissen den Fändel eroofgezunn an der Campingsplaz Äddi gesot. Mam Minibus, dem Auto an dem Unhänger ass et dann lassgaangen, zréck Richtung Home LBB. Mir sinn duerchgefuer bis ongeféier 9 Auer wou mir eng éischt Paus ageluecht hunn fir kennen Kaffi ze drénken. Direkt bei engem Séi (Chiemsee) hunn mir dann eis Metchen giess an de Kaffi gedronk. No weideren Stonnen Fahrt sinn mir dann géint 13 Auer rëm stoen bliwwen fir engersäits ze tanken an aanerersäits fir Mëttes ze iessen. Géint 20 Auer sinn mir dann schliisslech am Home zu Bouneweg ukomm! Direkt ass d' Material zreckgeraumt ginn an déi néideg Saachen fir d' Spull an d' Spullkiichen bruecht ginn. Obwuel den Daach usech net vill gemaach ginn ass, woren mir all Owes gutt dout an hunn eis op een gudden Buffet gefreet mat verschiddenen Schneekereien déi vum Techuana nach iwwerreech bliwwen sinn. Schlussendlech hunn mir den Owend nach mat enger Partie Jungle Speed auskléngen gelooss. **RAPHAEL**

**SONNDES** den leschte Sonnden si mir um 8 erwächt ginn an haaten eise Kaffi mat Brout a kaalen Pizzas. Dono hu mir d'Aarbëscht vun gëschter weidergefouert. Mir hun eis Saache gepackt, d'Besteck an Dëppen gespult an geraumt. Déi meeschten lessensreschter goufen gefruer an eisen Home gebotzt. Mir woren zimlech séier also haaten mer entscheed den RV eng hallef Stonn méi fréi ze maan. Zum Schluss hu mer "Schein nees adieu" "Chaine des adieux" gesong an hun de WanterTechuanaCamp oofgeschloss. **JUSTIN**





# RAPPORT RoverQuiz | ab ROVER (RO/TB)



Winner Edition '20' - Mamer Wiselen





## Sortie Biodiversum\_7.03.2020

Um 9:40 trafen wir uns vor dem Biodiversum. Die Archeologin, die uns alles erklären wollte, konnte nicht kommen. So hatten wir Chantal und waren mehr in der Natur. Chantal war sehr nett und konnte viele Fragen beantworten. Neben dem Biodiversum waren da auch Bagerseen. Die Bagerseen waren in zwei Teile geteilt. Der eine Teil war ein Naturschutzgebiet, der andere Teil aber nicht. Wir sind wandern gegangen. Beim Wandern haben wir viele Vögel gesehen. Vögel die im Wasser leben aber auch die die in der Luft leben. Als wir mal eine Pause gemacht haben, haben wir den ersten Schmetterling gesehen. Er war ganz schön. In einer Hütte (Biodiversum) wo man Vögel, Enten, ... beobachten kann, haben wir unser Picknick (Mittagessen) gegessen. Danach sind wir noch ein bisschen gewandert. Wir haben ganz schöne Enten gesehen, die heißen Nilvögel. Wir haben aber auch Gänse, Enten, ... gesehen. Gegen 14:00 sind wir wieder zum Biodiversum zurück gegangen. Im Biodiversum bekamen die die wollten ein Quiz. In dem Quiz gab es Fragen wo man im ganzen Museum die Antworten fand. Im Museum gab es Menschen die Körbe und Vögelnester machten. Die Körbe und Vögelnester sind sehr schön wenn sie fertig sind. Um 16:00 sind unsere Eltern uns abholen gekommen. **Anna BRINSTER**

D'Wëllefcher hunn den 07 Mäerz eng Natur-Sortie gemaach. Mir waren op Rëmerschen an den Biodiversum an sinn duerch den Bech an en Naturschutzgebitt getrëppelt. Mir kruten all en eegen Spektiv geléint fir d'Vullen ze kucken. Zweschen duerch kruten mir och Saachen wie d'Planzen an d'Villercher erkläert. Fir Mëtteg hunn mir an enger Hütt giess, an der een och op en Séi gesinn huet. No der Paus sinn mir dann wieder getrëppelt. Da sinn mir an den Biodiversum gaangen an hunn do fir eis d'Ausstellung ugekuckt an alles ausprobiert. Mir kruten en Blat mat Froen an hunn d'Äntwerten an der Ausstellung missen sichen. **Sophie THEISEN**





# LEO LEIF



## LBB SHOP

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

### STARTER PACK

T-SHIRT  
&  
HOODIE  
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst  
eemol vir 30 EURO,  
amplatz vu 40 EUR  
déi zwee zesummen)



T-shirt 15€



Knuet 5€



Pullover 25€



Foulard 5€

and many more to ...

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi. Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un dän **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Ausserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer << du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next Datumer wou den **SHOP** op ass:

... 28/03/2020 ... 16/05/2020 ... 27/06/2020 ...



# COTISATION 2020

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un. Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000** vun den **Lions Bleus** ze iwwerweisen.

Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akcident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristesch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2020 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët. Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister  
(alias Eyra farceur)

## WOSM & FNEL NEWS



### FNEL SCOUTS-SHOP

#### Adresse:

61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

#### Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass  
**ëmmer Donneschdes**  
op, ausser während  
den Schoulvakanzan!

14.- 15.03.2020	BB (Bosses&Bobos)
18.03.2020	CoGro
21.03.2020	SG Explo
29.03.2020	LX Sixerdaag
03.04.2020	Soirée CG
03.05.2020	RO in the CITY
09.05.2020	BV Funday
09.- 10.05.2020	SG CP-Weekend
15.- 17.05.2020	EX Raid
17.05.2020	Maykadifference
27.05.2020	CoGro
22.06.2020	Faackelzuch
28.06.2020	RO Beachvolleyball
11.- 12.07.2020	POW-WOW
18.-24.07.2020	FEWECA zu Déifferdeng
27.07.-06.08.2020	JAMBOREE an Polen (Gdansk)
21.-23.08.2020	RO Hunt'it
29.08.- 13.09.2020	NEPAL-CAMP

17.07-01.08.2021 CAMP FEDERAL an Schweden

19.-29.07.2021 ROVER-MOOT an Irland

# LBB News - Postkarten



KAZAKHSTAN

DISCOVER OF MYSTERY

Quappe  
Hob de Superscout an  
dat klongt Breezy nun  
Kazakhstan erobert? 😊

Ee Land mat vill Wärdeméiglechkeeden  
an nach onbereiet vum Tourismus  
wat dat ganzt nach méi  
interessant mescht!

Kéif Greiss



Breeze Quappe

Les lions Bleus

B.P. 23

L-5801 Hesperange

LUXEMBURG (Europel)



---

## ET SCHÉNGT ...

---

- 01)wéi wann LBB een Opruff gestart haaten punkt 'LBB goes Paperless' fir mat guddem Beispill firzegoën.
- 02)dat eis Assemblée générale den 25. Januar 20 och nees dës Joër gudd besicht wor vun Elteren & Frënn.
- 03)dat den ATRA den Gruppenfändel op der AG offiziell un d'ei nei Gruppencheffen iwwerreecht hätt.
- 04)dat op der Baackaktion richtig gudd geschafft gouf an flaisseg Fuesbullen/Kichelcher gebaack goufen.
- 05)wéi wann MIR fir déi 1. kéier Richtung Techuana op den Wintercamp gefuer sinn an den Hopfi n'et wor.
- 06)dat an Techuana um Campsite leider absolut keen Schnéi loung, zeguer Brandwarnung erhuewen gouf.
- 07)wéi wann mir dës Editioun vum FNEL RoverQuiz organiséiert hun, well mer déi Letzt gewonnen haaten.
- 08)dat de RQ super vill Spaass gemeet huet fir Jiddereen deen do wor an fir eis wéi een LB Conveniat wor.
- 09)dat eisen Nékkel, no séngen Studien, Familienbetriib iwwerhuelen elo een weideren Challenge huet.
- 10)wéi mir nach 1 Aktion vu Sylvester afällt wou Kippfënster baigezunn gouf an mir um Balkon stoungen.
- 11)dat bei den Lions Bleus den Digicash groussen Uklang fonnt huet, virunallem fir lessens-Commanden.
- 12)wéi wann eis ancien Chef/momentan Studenten ëmmer nees g'är laanscht luussen & hëllef kommen.
- 13)wéi wann de ganzen CORONA Virus e Riesen Impakt op den norm. Daages/Wochen & eisen Ooflaaf hätt.
- 14)dat Scouten sech n'et esou schnell ënnerbotteren lossen, an den Léit an d'ëser schwéierer Zäit baistinn.
- 15)dat de Pow-Wow dës Joër um Misärshaff oofleef an vun der Misärshaff-Ekipp & FNEL organiséiert g'et.
- 16)wéi wann Dir ierch den Datum vum Léiwefest an zwar den 4. Juli 2020 schon opschreiwen kënt.
- 17)wéi wann FNEL mat hierem Staff fir nächste Summer schon amgang ass de Camp fédéral ze plangen.
- 18)dat nächste Joër am Summer nees international eppes am Kalenner steet an zwar den Rover-Moot.
- 19)...
- 20)...
- 21)...

---

## ET SCHÉNGT N'ET N'EMMEN ...

---

- 01)dat nach eng Rei Léit hier Souche wgl kënnen eranschécken, Infos fann der an der letzter Wandrous.
- 02)dat déi jonk daat gerockt hun, Kanner eis verwinnt an mir eis dono beim Patt gudd ausgetosch hun.
- 03)wéi wann et lo un hinnen 3 wier, fir mat neiem Wand & neiem Ideen de Grupp weider & no fir ze bréngen.
- 04)wéi wann n'et gepaust gouf an et sech richtig gelount haat & dat mer em d'ei 2000 Bullen gebaack hun.
- 05)dat daat komesch wor, well all 2. Saatz ugefaangen huet: Géi kuck mol beim Hopfi am Schapp, Shop...
- 06)dat mer dofir m'ei h'isch op Bierger hun missen fueren fir optimal Schnéikonditiounen kënnen ze hun
- 07)dat MIR daat mat voller LB Power gemaach hun an och eis Studenten aus dem Ausland dobai woren.
- 08)wéi wann Mamer Wiselen vill Spaas haaten & am flaissegsten woren an sou de RO-Quiz gewonnen hun.
- 09)dat hien ab Mee n'et n'ehmen Respo ass fir sech/séng Fra, mee och fir e klenge Butz iwwerhuelen w'ert.
- 10)dat mir bei zouener Fënster stoungen, Balkon roofklamme misste, zur fichter Dier eran fir Fënster opzemaan.
- 11)wéi wann daat awer nach n'et Jiddereen kennt, mee Paco awer virum Max sain 1. Digicash gemeet h'ett ??
- 12)dat eng Wiener Studentin, falls et séng Examen hei zu Lët. packt, nees eng Hand mat upaacken këim.
- 13)dat mir leider gezwongen woren eis Aktivitéiten anzustellen fir är & eis S'icherheit an Gesondheet.
- 14)dat mir nom Opruff vun der FNEL matgemaach hun bei der Aktion 'Eng B.A. den Daag'
- 15)wéi wann schon geplangt g'et, an eis dann am Juli anlueden an d'ei verschidden Zaitzonen anzetauchen.
- 16)dat d'ëst am Thema 'Hütten Gaudi' stoën w'ert, haalt den Datum frei fir dat mir ärch kënnen verwinne.
- 17)dat d'ësen Camp fédéral vun M'ett Juli bis ugangs August (17.07-1.08.2021) an Schweden soll stattfannen.
- 18)wéi wann de MOOT vun den Irlänner organiséiert g'et (19.-27.07.2021) an hei eng 1'100 Léit erwaard ginn.
- 19)...
- 20)...
- 21)...

---

## LES AMIS DES LIONS BLEUS

---

M. Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M. Sinner Robert, Fam. Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeier Berthe, M. Grün Joe, M. Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam. Zimer, Fam. Engel, M. Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam. Hebler-Simon, Fam. Konsbruck-Droulans, Fam. Rod-Keller, ...



# AGENDA | März - Mee

märz'20		abrëll'20		mee'20	
So	1	Më	1	Fr	1
Me	2	Do	2	Sa	2
Dë	3	Fr	3	So	3
Më	4	Sa	4	Me	4
Do	5	So	5	Dë	5
Fr	6	Me	6	Më	6
Sa	7	Dë	7	Do	7
So	8	Më	8	Fr	8
Me	9	Do	9	Sa	9
Dë	10	Fr	10	So	10
Më	11	Sa	11	Me	11
Do	12	So	12	Dë	12
Fr	13	Me	13	Më	13
Sa	14	Dë	14	Do	14
So	15	Më	15	Fr	15
Me	16	Do	16	Sa	16
Dë	17	Fr	17	So	17
Më	18	Sa	18	Me	18
Do	19	So	19	Dë	19
Fr	20	Me	20	Më	20
Sa	21	Dë	21	Do	21
So	22	Më	22	Fr	22
Me	23	Do	23	Sa	23
Dë	24	Fr	24	So	24
Më	25	Sa	25	Me	25
Do	26	So	26	Dë	26
Fr	27	Me	27	Më	27
Sa	28	Dë	28	Do	28
Sa	29	Më	29	Fr	29
Me		Do	30	Sa	30
Dë				So	31

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT



**fneI**     
scouts & guides



D'Scouten haaten mir verzieht wèi schèin  
èt èmmer an Techuana ass, sou hun ech  
mer daat dës Joër nèt entgoën gelooss  
;) ;) ;)



\* THATS ALL FOLKS ...